PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 21/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

A villen däitsche Stied ginn et sou genannten "Fahrradpolizisten". Dobäi handelt et sech em Polizisten, déi hier Patrullen mam Vëlo maachen. Dës "Fahrradstaffelen" eegnen sech, fir präventiv Aarbecht um Terrain, a förderen den Dialog mam Bierger.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt et eng "Fahrradstaffel" mat "Fahrradpolizisten" zu Lëtzebuerg?
   Wann jo, wéi vill Polizisten ëmfasst dës a wou kënnt se zum Asaz?
   Wann nee, wisou net?

2. As de Minister der Meenung, dass esou eng Unitéit d'Sécherheetsgefill vun de Bierger erhéijen géing?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député